

RIED UM SCHUMANS ECK, 16. Dezember 2021, Frank Rockenbrod

Dir Damen an dir Hären,

Léif Frënn,

Haut zum 77. Joeresdag vun der Ardennenoffensiv vum 16. Dezember 1944, déi nach an déenen leschten Krichsméint esou vill Misär an Zerstéierungen fir eist Land bruecht huet, gedenken mir allen Zaldoten an Zivilleit déi an deem schrecklechen 2. Weltkrieg hirt Liewen hu misse loosén.

Et ass nach net emol e Mënschenliwwen hir, dass nom 2. WK wäit iwwert 20.000 jonk Zaldoten, déi deemols am Schnëtt just 18-19 Joer haten, -- op de Kierféchter vun Hamm a Sandweiler begruewen gouwen oder bis haut nach vermësst sinn.

Hinnen alleguerten, --- vu verschiddenen Nationalitéiten, Hautfaarf a Religiounen, -- gouww brutal dat natierlecht Mënscherecht op eng friddlech an erfëllten Liewensperspektiv durch dee schreckleche Kriich geholl !

D'Trauer an den Trauma vun den Hannerbliwenden huet bis haut seng individuell Spueren vu séilescher Verzweifelung an onendlechem Hannerfroën no dem «Firwaat» vun där mënschlecher Katastrophe hannerlooss.

Den traurege Bilan vun dausende Kräizer op eise Militärkiirféchter, steet genau ewéi eist Monument hei fir onvergiesslecht Leed als Mahnmal géngt Krich, Gewalt an Ënnerdreckung, déi seithir leider haut weltweit weider bestinn.

Zanter der Aweihung 1994 vum *National Liberation Memorial* konnten sech onzieleg Géigner vun deemols hei reconciliéieren a Frëndschaft schléissen .

Et war fir sie awer och déi batter Erkenntnis, dass sie deemols sech hei op der Doud hu missen géngt zukünfteg Frenn bekämpfen, déi si nie virdrun kann hunn a géngt déi sie keng perséinlech Rancune haten !

Hir mahnend Messagen un eis bleiwen aktuell méi ewéi jee géngt Gewalt am Alldag virzegoen an sech fir d'Erhaalen vun den mënschleche Grondrechter a Wäerter an Völkerverständnis zwëschen de Natiounen anzesetzen.

Nëmme wann mir akzeptéieren fir d'Léieren aus der Geschicht net ze vergiessen, sinn hir Kameroden an all aaner Victimen vum Kriich -- wénigstens net ëmsoss gestuerwen.

Duerfir sti mir haut hei fir hinnen ze gedenken, mais och alle Mënschen déi haut nach ënnert Kricher an Oppressioun an der Welt laiden .

Zanter dem 2. Weltkrich si mir déi éischt Generatiounen déi ouni Kriich e Liewen a Friden a Fräiheit kënnen féieren.

Mir müssen eis dat all Dag bewusst sinn an net als eng Selbstverständlechkeet unheulen !

Et ass duerfir e wichtige Rôle vun der Mémoire mat Bezug op gesellschaftlech Wäerter déi haut groussen Erausforderungen ausgesaat sinn, duerch d'Léieren aus de schlémmen Erfahrungen vun der Vergangenheet ze hëllefen,

eng Referenz fir eng kritesch Gesënnung ze fërderen ---fir d'Fröen an d' Ängschten vun haut besser ze verstoen an eis alltäglich Problemer an déi richteg Perspektiv ze réckelen .

D' Mémoire als e kulturelle Prozess soll eis mathëllefen Hoffnung, Zouversicht, Nodenkleckéet, mais awer och Courage schafen fir mat enger positiver Gesënnung a Selbstvertrauen no vir ze kucken.

Elo wou déi eemoleg Zäitzeien eis verloossen geet e wichtige Deal vun Authentisitéit vun der Mémoire leider fir ëmmer verluer.

Fir deem entgéngt ze wiirken hun mir duerfir schons seit de 70er Joeren bewusst ugefaang e groussen **audio-visuellen Zäitzeien Archiv** mat honnerten emotionellen Zäitzeieninterviewen iwwert d'Ardennenoffensiv ze réaliséieren.

Mat Hëllef vun dene wäertvollen Recommandationen dé den NLM zesammen mam Naturpark Uerwersauer mat den Studenten vum Lycée du Nord, der Uni.lu (Luxembourg Centre for Contemporary and Digital History) an dem Zentrum fir politesch Bildung konnt ausschaffen ass finalement en innovativt Konzept fir d'Schafe vun enger participativer Mediation vun pädagogeschen an historieschen Inhalten entstan !

Am kohärentem Verbund mat de Silhouetten an authentische Vestigen kënnen des Informatiounen mat QR Coden iwwert dem Naturpark seng nei Multimedia-Plateform an Zukunft opgeruff ginn.

All Statiounen vum Sentier sinn op der neier Plateform thematesch op eneen ofgestëmmt a vermëttlen mat zougesechniden Erënnerungen vun Zivil- an Militärzäitzeien eng emoleg Sensatioun déi duerch hir Authentisitéit Emotioun a Betreffenheet beim Visiteur fir déi deemoleg Zwangslagen ausléist an doduerch säin Interesse fir déi ënnerschwelleg Messagen vun der Mémoire selwer fortlaafend endeckt.

Heiduerch entsteht eng participativ Wëssenvermëttlung vun der Mémoire déi duurch zusätzlech Begleedung vu Pädagogen oder Guiden wäert, suivant besoin, nach méi verdéiwt ginn.

Trotz allen Contrainten vum Covid sinn elo de physesch Installatiounen vum Sentier fäerdeg a kënnen elo schons besicht ginn Déi audio-visuel Zäitzeieninhalten vu Veteranen an Zivillaeit aus eiser Géigend sinn am gangen développéiert ze ginn a

wärten an deene nächste Wochen och finaliséert ginn.

D'offiziell Inauguration vum Sentier ass fir d Fréijohr virgesinn méé den Datum muss nach fixéiert ginn .

Mir wärem bei der Gelegenhéet natierlech frou fir eis alleguerten dann hei erëm ze gesinn a wärten iech mat Zäit informéieren.

Am Numm vum NLM , dem Naturpark Uerwersauer an eisen drei Geméngen soen mir iech alleguerten MERCI fir eis wonnerbar Zesummenarbeeht ouni déi dëse komplexen Projet net méiglech gewisecht wär .

Mir wënschen Iech schéi Feiertéeg an eng gudd Gesondheet

Merci !